



OPPE, SOZIAL
A RESPONSABEL

Lëtzebuerg, de 18. Mee 2021

Communiqué de presse

D'CSJ fuerdert Qualitéit amplaz vu Quantitéit!

De Claude Meisch setzt net nëmmen um Niveau vun de Betreierungsstrukture mee an Zukunft och nach um Niveau vun der Ausbildung vum edukative Personal déi falsch Akzenter!

Jiddereen, och deen deen net am soziale Beräich schafft, kritt mat, datt d'Situatioun fir d'Kanner an déi Jonk ëmmer méi schwierig gëtt an datt se vill méi Ënnerstëtzung brauchen. Wann een op déi Responsabel aus dem Secteur lauschtert, dann huet de Corona-Virus akut Repercussiounen op d'sozio-emotional a psycho-sozial Entwécklung vun deene Jonken. Ëmmer méi oft sinn Educateure mat Situatioune konfrontéiert fir déi se net richteg ausgebilt sinn.

Amplaz geziilt an d'Formatioun vun den Educateuren ze investéieren ass den Här Meisch der Meenung, datt grad elo de Moment ass fir de Beruff vum Educateur (nach méi) ze devaloriséieren an de Formatiounsniveau ze drécken.

D'CSJ stellt sech d'Fro op den Educatiounsministère op déi Professionell lauschtert an ob de Claude Meisch sech iwwerhaupt dofir interesséiert wat d'Besoinen um Terrain sinn?

Matgedeelt vum CSJ Nationalcomité

Communiqué ALEE

<https://download.rtl.lu/2021/05/18/5e7e4f0023f820e2d2866fe20e6eb3af.pdf>

Communiqué LTPES

<https://download.rtl.lu/2021/05/18/d1b0c397105a7582ac57f692c035ea2d.pdf>